ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Dat aalt Porhaus zu Bofferdeng, dat säit 1998 dem Staat gehéiert an haut vu Servior geréiert gëtt, steet säit méi wéi zwanzeg Joer eidel a säin Zoustand huet sech mat de Joren ëmmer méi verschlechtert. Well et awer trotzdeem opgrond vu senger Architektur zu eisem Patrimoine gehéiert, hat d'Madamm Minister den 30. Abrëll d'Gemeng Luerenzweiler informéiert, datt geplangt wier, dëst Haus aus der Mëtt vum 19. Joerhonnert ënner Denkmalschutz ze stellen. De Gemengerot vu Luerenzweiler huet sech allerdéngs géint eng Klasséierung vum Haus ausgesprach.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Firwat steet dat aalt Porhaus zu Bofferdeng säit méi wéi zwanzeg Joer eidel? Ass an där Zäit dru geduecht ginn, dëst Haus ze renovéieren?
2) Ginn et Prezisioune vun der Betreibergesellschaft Servior, wat d'Zukunft vun dësem Haus ugeet?
3) Wëll d'Regierung sech weiderhin dofir asetzen, datt dëst Haus ënner Denkmalschutz gestallt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742